a mir sinn zouversiichtlech, dass eis dat och an deenen nächste Jore geléngt. Souwäit dozou.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ma gär!

Den Här Gibéryen, eng Fro?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Parole après ministre.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Parole après ministre. Jo, bon, wann Dir dat frot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wollt just kuerz drop reagéieren, wat den Här Statssekretär elo hei ugedeit huet - wat déi Wuesstumsprognose betrëfft, déi mir jo kritesch hannerfroen als Partei - an dat am Fong relativ simplistesch dohinnergestallt huet, wéi wa mer da missten erëm Barrièren opriichten, Stoppe maachen, d'Ekonomie bremsen. Ech mengen, mir haten als ADR virun enger Rei vu Méint hei eng Interpellatioun zu deem dote Sujet gemaach, iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg - ech weess net, ob Der dat matkritt hutt -, mä do hu mer awer all eis Propositioune gemaach.

An ech hu fonnt, datt mer deen Dag heibannen an der Chamber eng ganz gutt Diskussioun haten an am Fong parteiiwwergräifend alleguer der Meenung waren, datt deen einfache blanne Wuesstum, datt deen och eng Rei vu Konsequenzen hätt, déi een net muss onbedéngt als positiv ugesinn.

An ech mengen, de Wirtschaftsminister huet an där Debatt och hei gesot, datt een als Konklusioun vun esou enger Diskussioun, wéi mer se heibannen haten, am Fong misst dee qualitative Wuesstum an de Vierdergrond stellen an datt een als Regierung och misst an Zukunft bei allen neien Investitiounen, déi hei am Land gemaach ginn, eng Etüd maachen, fir ze kucken, wat déi Investitiounen hei am Land a wat d'Politik, déi mer an deem Sënn hei am Land maachen, wat dat als Konsequenze fir d'Land hätt, souwuel fir d'Statsfinanzen, fir de Logement, fir den Transport an esou virun. An ech mengen, dat war de But. An duerfir, mengen ech, ass dat scho richteg.

An ech wëll dann nach just soen, wat d'Renten ubelaangt: Also wann ee mengt, Här Gira, an Dir mengt dat jo, datt de Problem vun de Rente just duerch e stramme Wuesstum ze rette wier, da muss ech soen: Een, deen esou eng Ausso mécht, dee kennt vu Renten näischt! Well domadder gëtt de Problem vun de Renten, mat all Prozent Wuesstum gëtt de Problem méi grouss! Mir brauchen haut fir eng Pensioun ze bezuelen eppes iwwer zwee Aktiver. A wa mer emol eng Kéier 500.000 Leit an der Pensioun hunn, da brauche mer iwwer eng Million Aktiver. An da soen: „Mir mussen en décke Wuesstum hunn, fir déi Pensiounen do ze bezuelen"! A wa mer eng Kéier 1,2 Milliounen an der Pensioun hunn, da brauche mer 2,4 Milliounen. Also dat ass eng, eng...

(Interruption)

Ma dach, dat ass de System, dat ass d'Problematik realistesch dohinnergestallt, wéi se ass! Wa mer just soen: „Mir mussen e Wuesstum hu fir déi Pensiounen", mä mir mussen e Pensiounssystem entwéckelen! An ech si frou, datt Der eis de Mérite vun de Pensiounsreformen zougeschriwwen hutt. Mä mir mussen e System entwéckelen, an dat musse mer zesumme maachen, mir mussen do och eis Responsabilitéiten huelen, wou mer als Gesellschaft net condamnéiert sinn, esou mussen ze wuessen, an awer mat eiser Sozialpolitik kënnen iwwerliewen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

(Interjection de Mme Josée Lorsché)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Statssekretär!

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Ech sinn da frou, dass den Här Gibéryen mir duerch d'Parole après ministre...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wa mer elo eng Diskussioun iwwer Wuesstum hunn, da schwätze mir och gär mat!

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Parole après ministre...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Sérieusement!

M. Alex Bodry, *(LSAP).*- Dir hutt eng laang Geschicht dodran.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Well da froen ech och Parole après ministre, fir nach eng Kéier eng Ried iwwer d'Croissance an iwwer Wuesstum ze halen. Kee Problem!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Gira, ganz kuerz.

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Ech wollt just an dräi Sätz dat soen, wat ech elo éinescht esou wollt soen: dass dës Regierung genau deen Ënnerscheed mécht mam qualitative Wuesstum.

Wat ech elo éinescht wollt soen, ier de President mech ënnerbrach huet, ass, wéi mer déi lescht 30 Joer mat deem Wuesstum ëmgaang sinn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Auer, net de President.

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Mir hunn de Boni vun deem Wuesstum geholl. Mir hunn d'Steiergelder geholl a mir hunn d'Aarbechtsplaze geholl. Mä: Mir hunn d'Käschten net berücksichtegt! Mir hu keng Kläranlage gebaut. Mir hunn emol net genuch Stroosse gebaut...

(Protestations)

...a scho guer keng Schinnen.

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här President!

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Ma dat ass awer esou!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Statssekretär, wann ech gelift, ganz kuerz!

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Jo! Neen, ech sinn och scho bal, ech si scho bal fäerdeg!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, mä wa mer d'Diskussioun awer elo ufänken, dann... Neen, sérieusement, esou kënne mer awer net fueren hei!

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Mir hunn net genuch Sozialwunnenge gebaut. A genau dat wëllt dës Regierung anescht maachen a mécht se schonn anescht.

Une voix.- Dir kommt och nach...

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Mir kucken net nëmmen, wat vu Boni erakënnt, mä mir iwwerleeën hannendrun, wat fir Infrastrukturen, wat och u Käschten op eis duerkënnt. An dat si mer amgaang ze maachen. Dat mierkt Der bei der Mobilitéit an dat mierkt Der och an anere Beräicher.

(Brouhaha général)

Merci villmools, Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, den Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här President, ech wëll just soen: Wann een déi do Diskussioun wëllt seriö féieren, da si mir dofir absolutt Demandeur, fir se seriö ze féieren, an net an zwou Minutten, esou wéi dat elo hei probéiert ginn ass! Mir hunn eng seriö Wuesstumsdiskussioun ze féieren. Dofir proposéiere mer säit Wochen hei, datt den Zukunftsdësch zesummegesat gëtt, datt mer dat mat der Société civile organiséieren. Ech mengen, datt den Här Gira eis mat deenen Aussoen, déi en elo gemaach huet, honnertprozenteg recht gëtt, datt dat eng absolutt Nécessitéit ass, fir dat ze maachen.

An ech kann natierlech och weiderfueren, elo hei am Detail ze diskutéieren, well déi Diskussioun, déi Der ugefaangen hutt, ass jo net eng Diskussioun vum Wuesstum tel quel, wéi se bis elo besteet. Mä et ass eng Diskussioun, wou Der mat finanzpolitesche Diskussiounen (veuillez lire: Décisiounen) lech enger Obligatioun vum Wuesstum verschreift. An et ass genau dat, wat mer kontestéieren, net de Wuesstum an net d'Leit, déi erakommen, mä d'Obligatioun, déi mer an deenen nächste 40 Joer mussen hunn, fir déi finanzpolitesch Décisiounen, déi Der elo huelt, kënnen ze bezuelen!

Une voix.- Genau!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mir géife fir d'Éischt iwwert de Projet 6917 ofstëmmen, an dann nach iwwert dee Projet vu virdrun, wou mer zwar iwwert d'Motioun ofgestëmmt hunn, mä net iwwert de Projet.

(Brouhaha)

Mir stëmmen also iwwert de Projet 6917 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6917 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6917 est adopté par 57 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Franz Fayot), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

6. 6877 - Projet de loi

a) portant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°517/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux gaz à effet de serre fluorés et abrogeant le règlement (CE) n°842/2006;

b) modifiant la loi du 11 août 2011 portant exécution et sanction du règlement (CE) n°1005/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone;

c) abrogeant la loi du 28 juillet 2011 portant exécution et sanction de certains règlements communautaires relatifs aux installations contenant certains gaz à effet de serre fluorés (suite)

A mir géifen zum Schluss iwwert de Projet 6877 ofstëmmen. Dat ass dee Projet, dee mer virdrun duerchdiskutéiert hunn a wou déi „liicht" Flottementer mat der Motioun komm sinn a mer net iwwert de Projet ofgestëmmt haten. Dat maache mer dann elo.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6877 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung ass lancéiert. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet 6877 ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

d'Chamber live

Chamber TV

och an der Rediffusioun

all Sëtzungsdag

vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op

www.chd.lu

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

Jo, Här Wagner?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo, ech wollt just eng kleng Rektifikatioun maachen. Mir wollte beim Projet 6917 u sech dergéint stëmmen, wéi mer dat ugekënnegt hunn. Mir hunn derfir gestëmmt. Do war e klenge Brouhaha. Ech krut dat net mat, et ass eise Feeler. Ech wollt déi Rektifikatioun eng Kéier maachen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir waren dann an der gudder Kontinuitéit vu virdrun.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Voilà!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat gëtt da rektifizéiert. Merci fir déi Prezisioun.

Domat si mer um Enn vun den…

Une voix.- Neen, neen.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah, jo, jo!

Une voix.- Wat ass da lass haut mat eisem President?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, et läit hei hannendrun. Jo, sorry! Mir kommen zur Question élargie vum Här Gusty Graas iwwert d'Négociatiounen zwëschen der EU an dem Mercosur. An d'Wuert huet direkt den Här Gusty Graas.

7. Question élargie n°16 de M. Gusty Graas relative aux négociations entre l'Union européenne et le Mercosur

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de Mercosur ass jo e wirtschaftlechen Zesummeschloss vun enger Rei latäinamerikanesche Länner, ënner anerem Argentinien, Brasilien, Uruguay, Paraguay a Venezuela. Et sinn och eng Rei aner Länner, déi sech do associéiert hunn, wéi Chile, Kolumbien oder de Peru.

Zënter der Reprise vun den Diskussiounen aus dem Joer 2010 mat der Europäescher Unioun sinn entre-temps natierlech eng Rei Verhandlungsronnen iwwert d'Bün gaangen. Dofir wollt ech och haut emol eng Question élargie iwwert dee Punkt stellen. Et ass en Thema, deen u sech net op ganz grouss Resonanz, net nëmme bei eis, mä och dobaussen, stéisst. Mä wann ee sech awer e bësse méi am Fong domat auserneesetzt, da mierkt ee ganz séier, datt et awer wichteg ass, datt mer eis zu dësem Zäitpunkt méi genee dermat beschäftegen.

Mir hate jo och hei zu Lëtzebuerg de leschten 11. Abrëll e Sommet vun den europäesche Landwirtschaftsministeren, wou den Här Etgen jo och drun deelgeholl huet. An dowéinst ass et wichteg, wéi gesot, datt mer vläicht haut informéiert ginn, wou de Stand vun deenen Négociatiounen drun ass.

Ech wëll och hei drun erënneren, datt ee kann direkt Relatiounen och zum TTIP zéien. An dofir sinn ech ëmsou méi verwonnert, datt dobaussen d'Emotiounen - dat ass elo net pejorativ duergestallt -, wann et ëm den TTIP geet, ganz héichkachen, mä wann et ëm de Mercosur geet, wou mer awer ganz vill Parallelismus erkennen, dann héiert ee praktesch keng Stëmm; net nëmmen hei zu Lëtzebuerg. An dowéinst mengen ech awer, datt et awer héich Zäit gëtt, datt mer eis méi am Detail domat auserneesetzen.

Et geet näämlech hei net nëmme reng ëm ekonomesch Aspekter, et geet näämlech och ëm d'sozial Dimensioun. Et geet och virun allem ëm ëmweltpolitesch Dimensiounen. Ech wëll och drop hiweisen, datt zum Beispill déi europäesch Liewensmëttel- a Veterinärinspektioun FVO schonn e puermol gewarnt huet virun de Produktiounsmethoden, déi an deene Länner ugewannt ginn, wat haaptsächlech d'Déierenhaltung ubelaangt.

A vläicht hunn och Eenzelner vun Iech emol op der Televisioun, an net méi spéit wéi an deene leschte Wochen op der Lëtzebuerger Televisioun gesinn, ënner wat fir enge Formen zum Beispill do Agrarprodukter hiergestallt ginn an datt do virun allem och d'Rechter vun der Landbevëlkerung oft mëssuecht ginn. Ech mengen also, et kann een hei roueg behaapten, datt mer esou eng Landwirtschaft och net hei an Europa, scho guer net hei zu Lëtzebuerg, wëllen.

Ech fäerten och e bësselchen, datt déi large Konzessiounen, déi mer an deenen zwee aneren Domäner vis-à-vis vun de Mercosur-State ginn, dat heescht um Niveau vun der Industrie, um Niveau vun den Déngschtleeschtungsservicer, datt déi sollen e bëssen d'Ursaach sinn, fir dann eben och nozeginn, wat d'Importer vun Agrarprodukter an Europa ubelaangt, datt dat sech awer kann trotzdeem negativ auswierken.

Scho virun enger gudder Dose Joer haten d'Servicer vun der Kommissioun drop higewisen an enger - wéi soll ech soen? - relativ nuancéierter Analys, datt den Impakt vum Accord mat Mercosur awer kéint ganz grouss, besonnesch fir d'europäesch Landwirtschaft, sinn. Si hu virun allem op déi negativ Konsequenze fir d'Fleesch higewisen, a méi spezifesch fir d'Rëndfleesch, de Poulet a beim Schwäin.

Elo gesäit et an deene leschte Wochen a Méint derno aus, wéi wann d'Europäesch Kommissioun erëm prett wier, fir, wéi gesot, eng nei Tentativ ze lancéieren. A Rumeuren soen - op déi ee sech zwar net ëmmer sollt ze vill baséieren, mä et kann ee se awer och oder et muss ee se besonnesch an deem Fall hei vläicht eescht huelen -, datt elo eng Offer géif um Dësch leien, déi u sech géif derzou bäidroen, datt beträchtlech Importkontingenter mat Null Zoll am Beräich vu sensibele Produkter, ech denke virun allem un d'Fleesch, géifen dann hei awer acceptéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och kee Geheimnis, datt mer hei zu Lëtzebuerg eng gewësse substanziell Kris vun der Landwirtschaft kennen. Muer de Mëtte kréie mer Ursaach genuch, fir doriwwer méi am Detail ze diskutéieren. Duerfir wéilt ech dat natierlech elo hei net verdéiwen. Duerfir muss ee sech awer d'Fro stellen, ob et grad zu dësem Moment opportun ass, déi Négociatioune mat deem Stateblock nach ze verdéiwen. Ëmsou méi well mer och Problemer mam Ofsaz hu vun eisen eegene Produkter.

Duerfir, um leschte Conseil, deen ech jo virdru schonn hei ugeschnidden hunn, vum 11. Abrëll, war jo eng Initiativ vun eelef EU-Memberstate geholl ginn, déi e Pabeier ënnerschriwwen hunn, fir sech am Fong geholl géint deen Import do auszespriechen. Och Lëtzebuerg hat deemools dee Pabeier ënnerstëtzt.

Ech wëll och nach hei drop hiweisen, datt den europäesche Bauereverband COPA an och déi ländlech Genossenschaften drop hiweisen, datt zum Beispill d'Perte fir d'Rëndfleesch kann esou op 25 Milliounen (veuillez lire: 25 Milliarden) chiffréiert ginn, wann, wéi gesot, déi Négociatiounen do sollte positiv ofgeschloss ginn.

Dowéinst, Här Minister, wollt ech Iech froen, ob Der eis haut kéint méi genee Informatioune ginn, engersäits wat d'Positioun zu Lëtzebuerg an deem kriddelechen Dossier ass, a virun allem awer och, wat fir eng Auswierkungen deen Ofschloss do kéint fir d'europäesch Agrarpolitik hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet direkt de Landwirtschaftsminister, den Här Fernand Etgen.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Merci, Här President. Erlaabt mer virewech, dem Här Gusty Graas villmools Merci ze soen, datt hien d'Initiativ geholl huet, fir dëse wichtege Punkt op den Ordre du jour vun der Sitzung vun haut ze brëngen.

Jo, et ass dringend, datt mer d'Verhandlunge mam Mercosur eng Kéier hei an der Chamber thematiséieren. Ech gesinn dat grad wéi den Här Graas an dem Kontext vun där schwiereger Situatioun vun der Landwirtschaft an Europa. Ech sinn der Meenung, datt mer eis et am Moment net erlabe kënnen, fir hei ze vill unilateral Ouverturen ze maachen, wa mer op där anerer Säit, esou wéi et de Moment ganz kloer ausgesäit, keng Konzessiounen erwaarde kënnen.

Den Här Gusty Graas huet och ugeschwat, wéi grouss d'Sensibilitéit an eiser Bevëlkerung ass, wa mer doriwwer schwätzen, wou a wéi eis Liewensmëttel produzéiert ginn. Och dat ass natierlech een eminent wichtege Aspekt. Et ass jo net akzeptabel, datt ee mëtteleuropäesche Familljebetrib ekonomesch weider ënner Drock gesat kéint ginn, well e mat Produkter aus Iwwersee konkurréiere muss, déi a Betriber produzéiert ginn, déi definitiv net déiselwecht Contrainten am Beräich vun de Sozial- an Ëmweltstandarden oder och a puncto Déiereschutz hunn.

Ech fannen et ass immens wichteg, datt dëst emol eng Kéier och am Kontext vum Mercosur gesot gëtt. Hei muss datselwecht ziele wéi och beim TTIP, dee jo mat vill méi enger grousser Intensitéit diskutéiert gëtt. Am Kader vum TTIP, dat hu mer och schonns oft gesot, sinn d'europäesch Standarden een Acquis, dee fir d'EU net négociabel ass. Do si mer eis all eens an do wäert ech mech zesumme mat menge Kolleegen,...

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Da gitt d'Dokumenter liesen!

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- ...dem Agrarministerrot, mat aller Energie derfir asetzen, datt dëst eng absolutt Ligne rouge ass, déi net däerf iwwerschratt ginn. Dës Standarde musse fir all Wuere gëllen, déi bei eis op de Maart kommen, ob se hei produzéiert ginn oder an Drëttlänner, ob an den USA, a Kanada oder an Argentinien oder soss iergendwou.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Mä wat ass de Mercosur? Ëm wat geet et? Wéi wichteg ass dës Regioun fir Europa? Erlaabt mer, fir e bëssen e puer Zuelen ze presentéieren. De Mercosur ass 1991 gegrënnt ginn a besteet aus Argentinien, Brasilien, Paraguay, Uruguay a Venezuela, dat dem Mercosur 2012 bäigetrueden ass. Mir importéiere virun allem landwirtschaftlech Produkter - 43% vun den Exporter vum Mercosur -, an exportéiere virun allem Maschinnen an aner Équipementer nom Mercosur. Dobäi muss ee bemierken, datt mer am Beräich vun der Landwirtschaft een Defizit an der Handelsbilanz mam Mercosur vun iwwer 20 Milliarden Euro hunn.

De Mercosur exportéiert haaptsächlech Zocker a Soja an natierlech Rëndfleesch a Geflügelfleesch. Dëst si fir Europa sougenannte sensibel Produktiounen, déi am Kontext vun Handelsaccorde besonnesch betruecht musse ginn. Hei ass virun allem de Rëndfleeschsecteur ervirzeräichen, ee Secteur, deen an Europa zu de fragillsten am Agrarberäich gehéiert.

Wou si mer elo dru mat de Verhandlungen? Zënter där offizieller Reprise vun de Verhandlungen am Mee 2010 goufen et néng Verhandlungsronnen, vun deenen déi lescht allerdéngs am Oktober 2012 stattfonnt hunn. Et gouf am Laf vun de Joren ëmmer erëm Entwécklungen, déi derzou gefouert hunn, datt d'Verhandlungen net méi ugelaf sinn, ënner anerem eng handelspolitesch, ganz protektionistesch Regierung an Argentinien iwwer eng Rei vu Joren.

Deemno gouf et och bis elo keen offiziellen Austausch vun enger Offer, wéi vill vun dem Handel soll liberaliséiert ginn an zu wat fir enge Konditiounen. D'EU-Kommissioun huet awer d'Absicht, fir dës Woch eng Offer op den Dësch ze leeën, op Basis vun där dann d'Verhandlungen erëm kéinten opgeholl ginn. No eisen neisten Informatioune sollen do, aneschters, wéi viru Kuerzem geplangt, keng TRQen, sougenannten „Tariff-rate quotas", fir Rëndfleesch an Ethanol vun der Kommissioun proposéiert ginn.

Dat ass ze begréissen. An hei schéngt et jo dann den Drock vun de Memberstate jo och mat der Ënnerstëtzung vu Lëtzebuerg seng Wierkung gehat ze hunn. Well wann Europa an och Lëtzebuerg eventuell an anere Beräicher wéi der Landwirtschaft duerchaus munches ze gewannen hunn, esou sinn dës Verhandlunge fir d'EU an déi Lëtzebuerger Landwirtschaft awer zimlech kriddelech a geféierlech. Mir hunn an der Vergaangenheet, an dat net eréischt vum Conseil vum 11. Abrëll un, gefrot, datt d'EU-Kommissioun eng Etüd virleet, wou den Impakt vu Fräihandelsofkommesse mat Drëttlänner op déi europäesch Landwirtschaft analyséiert gëtt.

An ech wëll hei dorunner erënneren, datt déi lescht Impaktstudie vun 2010 iwwert d'Mercosur-Verhandlunge gewisen huet, datt Lëtzebuerg zu deenen EU-Memberstate gehéiert, déi am Agrarsecteur, relativ gesinn, am meeschte géifen negativ getraff gi vun esou engem Accord, well de grousse Problem am Zesummenhang mat den Négociatioune mam Mercosur ass, datt scho ganz wäitreechend Konzessioune gemaach goufen am Kader vun anere bilateralen Ofkommessen.

An all déi Accorde summéiere sech enorm, wéi een um Beispill vum Rëndfleesch gesäit. Am Kader vum Doha Development Agenda huet d'EU schonn en Importquota fir Drëttlänner vun 150.000 Tonnen akzeptéiert. An elo krut Kanada ee weideren Importkontingent vu 45.000 Tonnen ouni Zoll zougestanen. A mir wëssen, datt d'Mercosur-Länner elo 350.000 Tonne fuerderen.

Wann een dat elo alles cumuléiert, da kéinten ënnert dem Stréch bis zu 500.000 Tonnen zousätzlech ouni Zoll an d'EU importéiert ginn, wat 6% vun eiser interner Consommatioun ausmécht. A wann een elo bedenkt, wéi onelastesch d'Demande um Beispill vum Rëndfleesch an Europa ass - eng Demande, déi souguer tendenziell no ënne geet -, da gesäit een, wéi eng Auswierkungen esou Accorde kéinten hunn, wann een alles cumuléiert. D'Präisser falen däitlech. Domadder fält och de Revenu vun eisen Ziichter.

Dir Dammen an Dir Hären, ech widderhuelen nach eng Kéier, datt Lëtzebuerg wéi eng ganz Rei aner Länner der Meenung ass, datt et kee Sënn mécht, fir elo eng Offer op den Dësch ze leeën. An den Här Graas huet jo genau déiselwecht Analys gemaach.

Eiser Meenung no soll een dat no der Étude d'impact maachen, wann ee gesäit, wat den Effet op déi eenzel Secteure ka sinn. Dofir hu mer nach eng Kéier zesumme mat 15 anere Memberstaten d'Kommissioun am leschte Conseil opgefuerdert, dee cumuléierten Effekt vun alle bilateralen Accorden ze berücksichtegen, bevir datt déi final Offer vun der EU op den Dësch geluecht gëtt. Och hunn déi 16 Memberstate gefuerdert, datt där besonnesch schwiereger Situatioun Rechnung gedroe gëtt, an där eis Landwirtschaft am Moment ass, an datt d'Kommissioun genausou eis defensiv wéi eis offensiv Intérêten an dësen Négociatioune vertriede muss.

Mat dëser Aktioun wär och gewollt, fir der Kommissioun, a virun allem dem Landwirtschaftskommissär Phil Hogan, de Réck ze stäipen, fir datt d'EU eng équilibréiert Positioun anhëlt, well op EU-Niveau ass déi Europäesch Kommissioun zoustänneg, fir d'Verhandlunge fir esou Accorden ze féieren. A si mécht Rapport un d'Europaparlament an un de Conseil.

Wann een Accord zustane kënnt, muss en awer och vum Conseil a vum Parlament ugeholl ginn. D'Landwirtschaftsministere sinn net federführend fir dës Verhandlungen; et sinn dëst eis Kolleegen Ausseministere respektiv d'Handelsministeren.

Ech verfolgen dësen Dossier awer ganz opmierksam. An eis Positioun, och wat ech Iech elo gesot hunn, ass, datt d'Lëtzebuerger Regierungsvertrieder op de verschiddenen Niveauen, sief et bei de Ministeren, sief et bei de Beamten, kohärent ofgeschwat a koordinéiert musse sinn; am Sënn vun der Ofsécherung vun den Intérête vun eise Produzenten an och vun eise Konsumenten, am Sënn vun der Verdeedegung vum europäeschen agroalimentairë Modell allgemeng.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Landwirtschaftsminister. Vu dass mer eng Question élargie hunn, huet den Auteur...

(Interruption)

E wëllt et net. Merci. Dann ass alles gesot. Da gi mer dervun aus, dass alles gesot ass. An da si mer um Enn vun eisem Ordre du jour ukomm.

Ech soen Iech Merci a mir gesinn eis erëm muer de Mëtten um zwou Auer fir d'Diskussioun vum Agrargesetz.

Une voix.- Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An d'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 17.10 heures)